ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 05/05/2022

Rapport vun der Kultur-Kommissioun

01/2022 – date: 12/04/2022

Presenzen

Present	Net present
EICHER-KARIER Christiane	CINCIS Patrick
GRAFF Yolande	KOEPP Carlo
KIEFER Raoul	MICHELS Claudine
LESCH Laure	MOREIRA CARDOSO Miguel
LUX-PEPIN Mariette	NOESEN Henri
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du jour

1. Demande Jugendkommissioun – OpenAir Kino um Beachdrëf
2. Versammlung fir d'Veräiner mat der Gemeng
3. Aktivitéit mat Ukrainer zu Huelmes an der Buerg
4. Divers
5. Prochaine Réunion

Punkt 1: Demande Jugendkommissioun – OpenAir Kino um Beachdrëf

- Iddie gëtt als ganz flott a gutt befond
- Wier et awer net méi sënnvoll een Club des Jeunes héi bäizezéien?
- Laut ROI sollen Kommissiounen Propositiounen bréngen awer keng Aktivitéiten ofhaalen – déi sollen den Veräiner iwwerlooss ginn. Et ass momentan an nom COVID, schonns schwéier fir d'Veräiner, dohier ëmfannen mir et als méi sënnvoll fir hinnen dës Aktivitéit z'iwwerloossen.
- Kulturkommissioun ënnerstëtz de Projet awer voll a ganz

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 05/05/2022

Punkt 2: Versammlung fir d'Veräiner mat der Gemeng

Gemeng huet all Veräiner aus der Gemeng an Kulturkommissioun op eng Versammlung, **den 03. Mee 2022 um 19h00 an der Koll zu Bruch invitéiert.**

Dëst sinn déi Punkten déi Kulturkommissioun wärend dëser Versammlung géif uschwätzen:

- Eng Personne de Référence vun der Gemeng un déi d'Veräiner sech haale kënnen
- Site vun der Gemeng méi iwwersiichtlech gestallten
- Organisatioun Manifestatiounskalenner: Kulturkommissioun mat der Gemeng
- Publikatioun vun den AG'en vun de Veräiner

Laure Lesch a Raoul Kiefer ginn dohin. Falls een net ka goen, dem Mariette oder Yolande bescheed soen; si géifen dann dohi goen.

Punkt 3: Aktivitéiten mat Ukrainer zu Huelmes an der Buerg

Caritas an Jugendherberg encadréieren gemeinsam d'Flüchtlingen aus der Ukrain.

D'Kulturkommissioun proposéiert fir Aktivitéiten mat dëse Léit ze maachen. Et mussen dann awer administrativ Démarchen gemaach ginn, virun allem falls dës Aktivitéiten ausserhalb vum Site vun der Jugendherberg vun Huelmes sollen stattfannen. Detailer kënnen réischt zu engem spéideren Zäitpunkt ofgekläert ginn.

Déi proposéiert Aktivitéiten wieren:

- Aktivitéiten mat de Kanner am Schlasspark organiséieren?
- Aktivitéiten mat der Integratiounskommissioun organiséieren?
- Konzert mat Grillen am Park organiséieren?
- Kulturaustausch vun deenen 2 Natiounen (Ukrain a Lëtzebuerg) bei engem Lagerféier
- Artikel – Témoignage vun hirer Rees héihin fir an den Buet
- Kulturell Aktivitéit déi d'Kanner géifen virweisen

Et muss awer am Virfeld geklärt ginn op iwwerhapt Interessi vu Säite vun deene betraffenen Institutiounen ass.

Helperknapp, 05/05/2022

Punkt 4: Divers

- Proposen fir kulturell Aktivitéiten an deene Gebäier vun der Gemeng, di an noer Zukunft fräi ginn, sollen fir déi nächste Kéier vun de Memberen iwwerluet ginn

Punkt 5: prochaine réunion

- **Ordre du jour:**
  - Approbatioun vum Rapport 01/2022
  - Aktivitéiten Ukrainer vun Huelmes
  - Kulturell Aktivitéiten a Gemengegebäier
  - 50€/Kommissiounsmember vun der Gemeng: wat maache mir?
  - Nächst Versammlung
- Mir treffen ons déi nächste Kéier den **Donneschden, 5te Mee 2022 um 19h30 zu Téinten op der Gemeng**